# Par Parc Our
# Saint-Nicolas

## Lass jubeln alle Bäume des Waldes



Quelle: Harryarts/Freepik.com

**Ökumenische SchöpfungsZeit:**
**1. September – 4. Oktober 2024**

Parbréif Nr 6/2024 14. September — 27. Oktober 2024

# *Abschid vum Kaploun Vincent De Smet an der Madame Fanny Gales an der Familljemass*

*den 7. Juli 2024 zu Baastenduerf*

An der gutt besichter Familljemass den 7. Juli 2024 zu Baastenduerf hu mir eisem Kaploun Vincent De Smet an der Madame Fanny Gales, déi vun Ufank un bei der Parkatechees dobäi war an och bei de Kommiounen gehollef huet, Äddi a Merci gesot fir hiren groussen Asaz an eiser Par. Si kruten e klenge Cadeau iwwerreescht an duerno huet d'Gemeng Tandel am Gemengesall een Eierewäin offréiert.

De Sonndeg drop war och eng Abschidsmass fir den Här De Smet zu Housen, wou d'Gemeng Parc Housen och en Eierewäin an der Aler Schoul offréiert huet.



# *„Maria, stäerk eis Gemeinschaft!“ – Bildchenswoch*
*vum 11. August - 18. August 2024 an enger neier Form*

Mir soen dem Aktiounsgrupp aus der Par een häerzleche Merci, deen sech am Virfeld Gedanke gemaach hat, fir déi al Traditioun vun der Bildchenswoch méi zäitgemäss an uspriechend ze gestalten.

Hir Ideen, fir d’Woch mat enger meditativer Prëssioun a mat enger Fräiliicht-mass am Bësch unzefänken, an der Woch mat der Statu vum Bildchen a verschidde Kierchen aus der Par ze goen an och d’Ofschlossprëssioun ze kierzen, si gutt bei ville Leit ukomm. Eng Rei Leit waren och dankbar, vun der Navette kënnen ze profitéieren. An deem Sënn kënne mir fir déi nächst Joren weider plangen. E waarme Merci der Gemeng Veianen, dem Kiercherot, de Fraen an Mammen, der Veiner Musek, de Choralen, de Grands Clercs an alle Veräiner a Leit, déi bei der Duerchféierung gehollef hunn, fir datt dës schéin a wichteg Traditioun lieweg bleift.







## *Rentrée vun der Parkatechees 2024/2025*

Am September fänken déi verschidde Gruppe vun der Katechees fir d’Kanner aus der Par zu Baastenduerf, Branebuerg, Housen a Veianen erëm un.

Déi Kanner, déi sech ugemellt hunn, kréien d’Datumer an d’Plaz vun hire Gruppeleeder matgedeelt.

## *Informatiounsversammlunge fir d’Elteren*

*zu Housen an der Kierch,*
*e Mëttwoch, den 18. September 2024:*

PC1 ëm 19:00 Auer,
PC2 ëm 19:30 Auer,
PC3 ëm 20:00 Auer (Kommuniounsgrupp)

*zu Baastenduerf an der Kierch,*
*en Donneschden, den 19. September 2024:*

PC1 ëm 19:00 Auer,
PC2 ëm 19:30 Auer,
PC3 ëm 20:00 Auer (Kommuniounsgrupp)

## *Familljemass – Ufanksmass fir d’Katecheesjoer 2024/2025*

D’Ufanksmass fir dat Katecheesjoer 2024/2025 ass fir all Kanner mat hiren Elteren e Samschdeg, den 21. September 2024 um 18:00 Auer zu Baastenduerf an der Kierch. De Flyer mat deenen anere Familljemasse fannt Dir och an dësem Parbréif. Zu Housen ginn och nees parallel zur Sonndesmass Kannerwuertgottesdéngschter ugebueden.

## *Apero vum Eesber Trupp no der Kiermesmass*

Sonndes, den 22. September 2024 gëtt Iech en Apero no der Kiermesmass zu Eesbech offréiert.

## *SchöpfungsZeit*

E Samschdeg, den 28. September 2024 bitt d'ACFL eng meditativ Wanderung mam Thema „Biodiversitéit – Helleg Villfalt“ un. Detailer zu dësem Dag an aneren Evenementer, déi am Zesummenhank mat der „SchöpfungsZeit 2024“ ugebuede ginn, fannt Dir um Flyer an dësem Parbréif.

## *Muttergottesandacht an Liichterprëssessioun*
*zu Schlënnermanescht*

E Sonndes, den 6. Oktober 2024 ass ëm 18:30 Auer eng Muttergottesandacht an der Kierch an ëm 19:00 Auer gëtt et eng Liichterprëssioun vun der Kierch bis bei d’Schwësterenhaus.

## *Fatima-Prëssioun zu Veianen*

E Sonndes, den 12. Oktober 2024 um 19:30 Auer geet d’Fatimaprëssioun vum Schlooss bei d’Fatima-Grott am Bësch a nees zeréck.

## *"Fir ze déngen" –*
## *Offiziell Visite vum Poopst Franziskus*
*den 26. September 2024 zu Lëtzebuerg*

Eng Begéinung vum Hellege Vater mat der kathoulescher Gemeinschaft ass en Donneschdeg, de 26. September 2024, um 16.30 Auer an der Kathedral vu Lëtzebuerg. D’Renconter mam Poopst gëtt ageleet mat engem Virprogramm (Lidder a Gebieder) vu 15 Auer un.

Den Äerzbëschof vu Lëtzebuerg, de Kardinol Jean-Claude Hollerich, invitéiert häerzlech de Public, fir a grousser Zuel un dësem exceptionellen Evenement deelzehuelen an der Limitt vun de Plazen déi disponibel sinn (an der Kathedral respektiv an engem Zelt mat Ecran, dat am Bannenhaff vun der Kathedral installéiert gëtt).

Als Virbereedung op dësen héige Besuch huet d'Äerzbistum eng Broschür eraus ginn mat Virwierder vum Kardinol, vum Weibëschof a vum Generalvikar, mat der Erklärung vum Logo a vun der Devise a mat enger Gebietsnovene a verschiddene Sproochen. Si läit an de Kierchen an am Parsekretariat aus.

## *Diözeesaant Gebiet fir de Poopstbesuch "Fir ze déngen"*

*Gudde Papp am Himmel,*
*Kuck op däi Vollek, dat viru villen Erausfuerderunge steet.*
*Schenk äis de Geescht vun der Eenheet,duerch Geste vu Verzeien,*
*fir zesummen nei opzebriechen a solidaresch ze handelen.*
*Erneier d'Kierch hei zu Lëtzebuerg duerch den Hellege Geescht.*
*Maach äis op fir däi Wuert a sensibel fir d'Suergen*
*an d'Froe vun de Mënsche vun haut.*
*Looss äis aus dem Geescht vu Jesus Christus, dengem Jong, liewen.*
*Duerch d'Daf si mir mat Him verbonnen, geruff a geschéckt,*
*missionaresch Jüngerinnen a Jünger ze ginn.*
*Looss esou d'Visioun vun enger lieweger Kierch an äis wuessen,*
*an der Verschiddenheet vu Sproochen a Kulturen,*
*duerch d'Villfalt vu Charismen an Ämter,*
*um Wee vun der Geschwësterlechkeet,*
*an a Gemeinschaft mat eisem Poopst Franziskus,*
*Dénger a Bréckebaueren!*

## *Mir heeschen eisen neien Diakon Diego De Lima ganz häerzlech wëllkomm*

Mir si frou, datt eisen Här Äerzbëschof a Kardinol Jean-Claude Hollerich den Diakon Diego De Lima, deen wéi eise Paschtouer Carlos R. Arnold aus Brasilien kënnt, deen seng theologesch Studien am Frankräich gemaach huet, deen den 27. Abrëll 2024 an der Kathedral zum Diakon geweit ginn ass an deen bis elo an der Par Ettelbréck war, bei äis genannt huet. Hien kënnt geschwënn an dat alt Paschtoueschhaus op Fueren wunnen. Am nächste Parbréif stellt hien sech a seng Aufgaben bei äis méi genau vir.

## *Massbestellungen*

1. D’Massintentiounen mussen **fir d’éischt** am Sekretariat zu Veianen telefonesch (*83 41 13*) oder schrëftlech (per Mail un d’Adress *parc-our@cathol.lu* oder ausgefëlltem Formular) bestallt ginn.
2. **An dann eréischt** kënnt Dir d’Suen op den Kont vun der zoustänniger Kierchefabrik iwwerweisen.
   Gitt w.e.g. den **Numm**, den **Datum** an d‘**Uertschaft** vun der gewënschten **Massintentioun** un.

## *Konten fir d’Iwwerweisungen vun de Massintentiounen*

D’Suen fir d’Massintentiounen kënnen op den jeeweilege Kont vun der kommunaler Kierchefabrik iwwerwise ginn. Gitt w.e.g. den Numm un vun der Massintentioun an deen gewënschten Datum, deen mat dem Sekretariat ofgemaach ginn ass:

Fabrique d’église communale de **Vianden**:
**CGP n°6/Fe n°14: CCPL IBAN LU54 1111 0330 8710 0000**

Fabrique d’église communale de **Parc Hosingen**:
**CGP n°6/Fe n°12: BCEE IBAN LU21 0019 4600 0054 8000**
fir Boukelz, Duerscht, Eesbech, Holztem, Housen, Houschent, Houschter-Déckt, Konstem, Näidsen, Roudersen a Wuelessen

Fabrique d’église communale de **Pütscheid**:
**CGP n°6/Fe n°13: BCEE IBAN LU08 0019 3000 0270 3000**
fir Mierschent an Stolzebuerg

Fabrique d’église communale de **Tandel**:
**CGP n°6/Fe n°15: CCRA IBAN LU63 0090 0000 0302 6432**
fir Baastenduerf, Branebuerg a Furen.

An der ganzer Par gëllen déi nei Tarifer vun eiser Äerzdiözes:

- eng Wiertesmass: 20 €
- eng Sonndesmass: 30 €

Fir d’Begriefnisser an d’Hochzäiten kritt Dir eng demande d’offrande.

Kont vum CPG 06 vun der Par a fir Donen fir d’Parkatechees:

**BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000**

# Gottesdéngschtuerdnung

## 24. Sonndeg am Joreskrees B

***Kiermes zu Laaschent, Näidsen a Wuelessen***

*Den Affer ass fir d'pastoral Aufgaben vun der Äerzdiözees*

***1. Lies.:; 2. Lies.:; Ev.: 1. Lies.: Jes 50, 5-9a;.***
***2. Lies.: Jak 2, 14-18; Ev.: Mk 8, 27-35***

***« Meng Duechter, däi Glaf huet dech gerett:***
***Géi a Fridden a sief vun denger Krankheet geheelt! »*** *(Mk 5,34)*

De Jesus léisst sech haut am Evangelium vun eiser Péng a vun eisem Doud beréieren a wierkt zwee Zeechen vun Heelung fir äis ze weisen, datt d'Péng an den Doud net dat lescht Wuert an eisem Liewen hunn.

Bei der Fra, déi Bluddungen hat, war net nëmmen hir Gesondheet, mee och hir Gefiller betraff, well si huet als onreng gegolt. Si war aus der Gesellschaft ausgestouss a konnt keng fest Bezéiungen hunn, kee Partner, keng Famill. Si huet missten eleng liewen mat hirem verwondten Häerz. Déi gréisst Krankheet ass de Mangel u Léift oder onfäeg ze sinn, aner Mënschen gär ze hunn. Dës aarm Fra war kierperlech krank, mee als Folleg dovun och duerch e Feele vu Léift. An déi Heelung, déi am meeschten zielt, ass déi vun de Gefiller. Wéi steet et domat bei äis an traue mir dem Jesus zou, äis ze heelen? Mir all kënnen äis un dëser Fra ouni Numm e Beispill huelen. Si huet fir d'éischt zu deene falsche Mëttelen gegraff, déi hire Mangel u Léift net konnten stëllen. Dunn huet si deen direkte Kontakt mam Jesus gesicht an him hirt Häerz opgemaach. Dat ass et, wat de Jesus wëll. Hien sicht no engem Häerz voll Glawen a geet iwwer Sënnen a Viruerteeler eraus. Hien heelt grad déi Fra, déi onreng ass a vun all deenen anere verstouss gëtt. Hien nennt si zärtlech "meng Duechter". Dat ass dem Jesus säi Stil: Nosinn, Matleed a Zärtlechkeet. Hien lueft hire Glawen a schenkt hir nees Vertrauen a sech selwer. Loosse mir och all esou de Jesus eist Häerz ukucken an heelen. Loosse mir och e sou déi aner unhuelen ouni iwwer si ze uerteelen an duerch eis Léift heelen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 14.09.2024** | | **Kreuzerhöhung** |
| Holztem | 10:30 | **Daf** vum Felix Seil |
| Housen | 11:15 | **Daf** vum Mateus Alexandre Coehlo Rodrigues |
| | 12:00 | **Daf** vum Leonardo Santos Fernandes |

| | | |
|---|---|---|
| **Sonndeg, 15.09.2024** | | |
| Furen | 09:00 | Mass fir Mich Weber a Léonie Mollingm,<br>Mass fir d’Famillen Karier-Brücher-Peffer,<br>Mass als Stg. fir Jengy a Lisy Muller-Haag,<br>Mass als Stg. fir Armand Schaltz |
| Näidsen | 09:00 | **Kiermesmass** mat Griewerseenung,<br>Mass fir d’Famill Clees-Hermes |
| Laaschent | 10:30 | **Kiermesmass** mat Griewerseenung,<br>Mass fir d’Famill Winandy-Schmit |
| Wuelessen | 10:30 | **Kiermesmass** mat Griewerseenung,<br>Mass fir Jos a Leni Mertens-Colling,<br>Mass fir d’Famill Serres-Wilmes<br>an fir d’Famill Heinen-Huss |
| Housen | 10:30 | WOGODI |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Housen | 11:30 | **Daf** vum Layno Da Cunha Faria |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass fir d'Verstuerwe<br>vun der Famill Jacobsen-Becker,<br>Mass als Stg. fir Anne Arendt-Stoos |
| **Méindeg, 16.09.2024** | | **Heiliger Kornelius,** *Papst,*<br>**Heiliger Cyprian,** *Bischof,*<br>*Märtyrer (253 bzw. 258)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass |
| **Dënsdeg, 17.09.2024** | | **Heilige Hildegard von Bingen,**<br>*Äbtissin, Mystikerin (+ 1179);*<br>**Heiliger Robert Bellarmin,** *Ordenspriester,*<br>*Bischof von Capua, Kirchenlehrer (+ 1621)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass zu Éiere vun der Muttergottes,<br>Mass fir Jaques a Marianne Clees-Marnach |
| **Mëttwoch, 18.09.2024** | | **Heiliger Lambert,**<br>*Bischof von Maastricht, Märtyrer (+ 705)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |

| | | |
|---|---|---|
| Bëttel | 19:00 | Mass als Stg. fir dei lieweg a verstuerwen Memberen vun der Famill Bingen-Lanners |
| **Donneschdeg, 19.09.2024** | | **Heiliger Januarius,** *Bischof von Neapel, Märtyrer (+ um 300)* |
| **Freideg, 20.09.2024** | | **Heiliger Andreas Kim Taegon,** *Priester und* **Heiliger Paul Chong Hasang** *und Gefährten, Märtyrer (+ 19 Jht.)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 25. Sonndeg am Joreskrees B

***Kiermes zu Bivels, Eesbech an Grooljen***

*1. Lies.: Weish 2, 1a.12.17-20; 2. Lies.: Jak 3, 16 - 4, 3; Ev.: Mk 9, 30-37*

***De Jesus huet seng Jünger gefrot: « Wouvun hat dir ënnerwee rieds? » Si awer hu kee Wuert gesot, well ënnerwee haten si riets dovun, wien dee Gréisste wär.*** *(Mk 9,33-34)*

Während de Jesus senge Jünger seng Passioun a seng Operstéiung ukënnegt, streiden si driwwer, wien vun hinnen dee Gréissten ass. Well si e staarke Messias erwaarden, deen all seng an hir Feinde Meeschter gëtt, kënne si seng Wierder net verstoen, déi vun Demut a Leide schwëtzen. Si mierken awer datt hir Astellung net zu hirem Meeschter passt, dee keng Eiereplaz sicht, mee dénge well bis dohinner, datt hien säi Liewen fir äis all higëtt. Dofir schummen si sech an äntwerte léiwer net op seng Fro.

Wourëms gëtt et äis an eise Gemeinschaften? Och mir schwätzen an handelen net ëmmer am Aklang mat eisem Glawen, mee mir hunn mënschlech Ambitiounen a striewen no Gréisst an Éier. Da gëtt dem Jesus seng Äntwert och äis: Dee Gréissten ass deen, deen deene Klengen a Schwaachen déngt.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 21.09.2024** | | **Heiliger Matthäus,** *Apostel und Evangelist* |
| Baastenduerf | 18:00 | **Familljemass** – Ufanksmass vum néien Katechesejoer |
| Veianen | 19:00 | Missa em Português |
| **Sonndeg, 22.09.2024** | | |
| Grooljen | 09:00 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung,* Mass als 6. Wochemass fir Marie Anne Klemmer-Meier, Mass fir d’Verstuerwe vun der Famill Zanter-Wolter, |

| | | |
|---|---|---|
| | | Mass fir Paul, Jos a Misch Wintringer,<br>Mass fir Louise Collé |
| Eesbech | 09:30 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung,*<br>Mass fir dei lieweg a verstuerwe Memberen vun der Famill Van den Berkmortel-Philipsen |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass zu Éier vum hellegen Lambertus fir Metty Liefgen an d'Famill Liefgen-Diederich,<br>Mass fir Georges a Catherine Schmit-Clees |
| **Méindeg, 23.09.2024** | | **Heilger Pius *(Padre Pio)* von Pietrelcina,**<br>*Ordenspriester (+ 1968)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 24.09.2024** | | **Heiliger Rupert** *und*<br>**Heiliger Virgil,** *Bischöfe von Salzburg, Glaubensboten (+ 8. Jht.)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass fir d'Famill Metty Weyrich |
| **Mëttwoch, 25.09.2024** | | **Heilger Nikolaus von Flüe,**<br>*Einsiedler, Friedensstifter (+ 1487)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz a Mass<br>fir dei kriibskrank Mënschen an hir Familljen |
| **Donneschdeg, 26.09.2024** | | **Heilger Kosmas und heiliger Damian,**<br>*Ärzte, Märtyrer in Kleinasien (+ um 300)* |
| Lëtzebuerg | 16:30 | Begéinung mam Poopst *(Kathedral)* |
| **Freideg, 27.09.2024** | | **Heiliger Vincenz von Paul,**<br>*Priester, Ordensgründer (+ 1660)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

*Massbestellung op E-Mail: parc-our@cathol.lu*

# 26. Sonndeg am Joreskrees A

***Kiermes zu Nuechtmanescht***

*1. Lies.: Num 11, 25-29; 2. Lies.: Jak 5, 1-6; Ev.: Mk 9, 38-43.45.47-48*

***« Wien net géint äis ass, deen ass fir äis. »*** *(Mk 9,40)*

Am Géigesaz zum Apostel Johannes, deen engem Frieme verbidde wëll, am Numm vum Jesus ze wierken, weist de Jesus selwer sech hei flexibel, tolerant an op fir dat Gutt, wat och an anere Gruppe geschitt. Dës Haltung ass wichteg an der Oekumene. Mir solle kee Sektendenken hunn, mee och dat Gutt unerkennen, dat an anere Kierchen a Gemeinschaften am Numm vum Jesus geschitt.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 28.09.2024** | | **Heilige Lioba,**<br>*Äbtissin von Tauberbischofsheim (+ 782)* |
| Housen | 10:30 | **Daf** vun Kayla Nayara Mauricio Alves Medina |
| Wuelessen | 10:30 | **Konveniatsmass** fir d'Joergäng 1930-1965 |
| Housen | 11:00 | **Daf** vum Rossana Iassalett Monteiro,<br>**Daf** vum Luana Filipa Bernado Monteiro,<br>**Daf** vum Bernado Giovanni Monteiro |
| Mierschent | 15:00 | **Hochzäit**<br>vum Raphael Parmentier mam Nadine Mollitor |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass |
| **Sonndeg, 29.09.2024** | | |
| Nuechtmanescht | 09:00 | **Kiermesmass** mat Griewerseenung,<br>Mass fir d'Familljen Kinn, Bastin a Conzemius |
| Houschent | 09:15 | Mass<br>als Stg. fir Famill Kremer, Lemmer a Wohltäter |
| Housen | 10:30 | Mass fir Henri a Hanna Kails-Foeteler |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass<br>als Stg. fir d'Koppel François Plein-Gasper |
| Housen | 11:30 | **Daf** vum Len Wildanger-Fandel |
| Roudersen | 15:00 | **Daf** vum Elin Nosbusch |

| | | |
|---|---|---|
| **Méindeg, 30.09.2024** | | **Heiliger Hieronymus,**<br>*Priester, Kirchenlehrer (+ 420)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 01.10.2024** | | **Heilige Theresia vom Kinde Jesus** *(von Lisieux), Ordensfrau, Kirchenlehrerin (+ 1897)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass fir Marie-Madeleine Weyrich |
| **Mëttwoch, 02.10.2024** | | **Heilige Schutzengel** |
| Bëttel | 19:00 | Mass fir Felix Eischen |
| **Donneschdeg, 03.10.2024** | | |
| Laaschent | 19:00 | Mass |
| **Freideg, 04.10.2024** | | **Heiliger Franz von Assisi,**<br>*Ordensgründer (+ 1226)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 27. Sonndeg am Joreskrees B

***Kiermes zu Furen***

*1. Lies.: Gen 2, 18-24; 2. Lies.: Hebr 2, 9-11; Ev.: Mk 10, 2-16*

***« Amen, ech soen iech: Wien dem Herrgott säi Räich net unhëlt wéi e Kand, dee kënnt ni an dat Räich eran. »*** *(Mk 10,15)*

Haut trëtt de Jesus energesch fir d'Würd vun de Kanner an, déi deemools net vill an der Gesellschaft gezielt hunn. Grad si hunn déi richteg Haltung, fir dem Herrgott säi Räich unzehuelen: eng Haltung vu Vertrauen an Opsinn. Och mir mussen dem Herrgott säi Räich an aller Einfachheet a Bescheidenheet unhuelen, dat hien äis a senger grousser Pappeléift schenkt.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 05.10.2024** | | **Heilige Faustina Kowalska,** *Jungfrau (+ 1938)* |
| Housen | 11:00 | **Daf** vum Luan Santos da Silva |
| Baastenduerf | 19:00 | Virowendmass<br>fir Mathias Clemen a Marguerite Nosbusch,<br>Mass fir Jos a Anna Heger<br>an hir Kanner Thea a Alli |
| **Sonndeg, 06.10.2024** | | |
| Furen | 09:00 | **Tëlees- a Kiermesmass** *mat Griewerseenung,*<br>Mass fir Thérèse a Ed Gleis-Klemmer |

| | | |
|---|---|---|
| Mierschent | 09:00 | Mass<br>als Stg. fir Mgr. Alphonse Turpel a Geschwëster |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass als 4. Joermass fir Aloyse Frantzen |
| **Méindeg, 07.10.2024** | | **Gedenktag<br>Unserer Lieben Frau vom Rosenkranz** |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 08.10.2024** | | |
| Holztem | 10:45 | Mass |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 09.10.2024** | | **Heiliger Dionysus,**<br>*Bischof von Paris, und Gefährten (+ um 240)* |
| Housen | 10:00 | Mass fir Roger Kugener *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz a Mass fir alkohol- an drogenkrank Mënschen an hir Familljen |
| **Donneschdeg, 10.10.2024** | | **Jahrestag der Wahl der Trösterin<br>zur Patronin der Stadt Luxemburg** |
| Lëtzebuerg | 15:00 | Mass mat Votum Solemne *(Kathedral)* |
| Longsdrëf | 19:00 | Mass fir Jean-Pierre Theis |
| **Freideg, 11.10.2024** | | **Heiliger Johannes XXIII.,** *Papst (+ 1963)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

*Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:*

05. Oktober 2024 / parc-our@cathol.lu

Wann Dir Är Massen bestellt, passt wannechgelift op, datt déi nächst Porbréiwer wéi follegt publizéiert ginn. Villmols Merci!

| ***Parbréif*** | ***Period*** | ***Redaktiounsschluss*** |
|---|---|---|
| ***07/2024*** | 26.10. – 30.11.2024 | 05.10.2024 |
| ***08/2024*** | 29.11. – 19.01.2025 | 08.11.2024 |

## 28. Sonndeg am Joreskrees B

***Journée de commémoration nationale***
***Nëssmaart zu Veianen***

*1. Lies.: Weish 7, 7-11; 2. Lies.: Hebr 4, 12-13; Ev.: Mk 10, 17-30*

***« Wéi schwéier ass et fir déi, déi e grousst Verméigen hunn, an dem Herrgott säi Räich eranzekommen. »*** *(Mk 10,23)*

Ween dem Jesus nofolge wëll, dee muss bereet sinn, op alles ze verzichten. De Jesus léiert äis Distanz zu de Gidder vun dëser Welt a Generositéit. Fir an dem Herrgott säi Räich kënnen eranzekommen, do muss eist Häerz fräi sinn. Wann et um Verméigen hängt, dann ass keng Plaz do fir d'Léift an d'Generositéit. Loosse mir äis dofir vum Herrgott senger Gnod vun all Egoïsmus a vun der Habsucht befreien, fir datt mir kënnen a säi Räich erakommen.

**Samsdeg, 12.10.2024**

| | | |
|---|---|---|
| Wuelessen | 18:00 | Virowendmass fir Albert Eisen,<br>fir d'Famill Eisen-Thielen<br>an d'Famill Peffer-Glesener |
| Veianen | 19:30 | **Liichterpressessioun**<br>vum Schlooss bis bei d'Fatimagrott |

**Sonndeg, 13.10.2024**

| | | |
|---|---|---|
| Mierschent | 09:00 | Mass<br>fir d'Journée de commémoration nationale |
| Konstem | 10:30 | Mass<br>fir d'Journée de commémoration nationale<br>gesonge vun de „Chorales Réunies" |
| Veianen-TK | 10:30 | *keng Houmass* |

| | | |
|---|---|---|
| **Méindeg, 14.10.2024** | | **Heiliger Kallistis I.,** *Papst, Märtyrer (+ 222)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass |
| **Dënsdeg, 15.10.2024** | | **Heilige Theresia von Jesus (von Avilla),**<br>*Ordensfrau, Kirchenlehrerin (+ 1582)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass fir André a Jacky Schmit |

| | | |
|---|---|---|
| **Mëttwoch, 16.10.2024** | | **Heiliger Gallus,**<br>*Einsiedler, Glaubensbote (+ 640)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| **Donneschdeg, 17.10.2024** | | **Heiliger Ignatius von Antiochien,**<br>*Bischof, Märtyrer (+ um 110)* |
| Laaschent | 19:00 | Mass |
| **Freideg, 18.10.2024** | | **Heilger Lukas, Evangelist** |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 29. Sonndeg am Joreskrees B

***Weltmissionssonndeg***
***Kiermes zu Pëtschent***

*Den Affer ass fir d'Ausbreedung vum Glaf*

*1. Lies. Jes 53, 10-11:; 2. Lies.: Hebr 4, 14-16; Ev.: Mk 10, 35-45*

***« Dir wësst net, wat dir do frot! Kënnt dir dann dee Kielech drénken, deen ech drénken, oder mat der Daf gedeeft ginn, mat där ech gedeeft ginn? »*** *(Mk 10,38)*

Fir zum Jesus ze gehéieren, do muss e bereet sinn, mat him ze leiden a wéi hien säi Liewe fir déi aner hirzeginn. Mat senger Äntwert op dem Jakobus an dem Johannes hir Fro befreit hien si vun hiren egoïstesche Bestriewungen a schenkt hinnen Undeel u senger Léift. Duerch d'Léift an d'Generositéit si mir dem Jesus wierklech no. Dat ass déi wichteg Gnod, déi mir ëmmer nees solle vun him froen. Alles anescht ass Niewesaach.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 19.10.2024** | | **Heiliger Johannes de Brébeuf** *und*<br>**Heiliger Isaak Jogues,** *Priester, und Gefährten, Märtyrer in Nordamerika (+ 1640)* |
| Housen | 10:30 | **Daf** vum Inaya Leite Pereira |
| Branebuerg | 14:00 | **Daf** vum Laura Rocha Da Mota |
| Eesbech | 18:00 | Virowendmass |
| Veianen-TK | 19:00 | Missa em Português |
| **Sonndeg, 20.10.2024** | | |
| Furen | 09:00 | Mass |
| Pëtschent | 09:00 | **Kiermesmass** |
| Housen | 10:30 | Mass |

*zur selwechter Zäit:* **Kannerwuertgottdéngscht**

Veianen-TK 10:30 Houmass
fir d'Journée de commémoration nationale,
Mass als 10. Joermass
fir Mathias Bingen-Lanners,
Mass fir d'Verstuerwe
vun der Famill Jacobsen-Becker,
Mass fir Yvonne Majerus

**Méindeg, 21.10.2024** **Heilige Ursula** *und Gefährtinnen, Märtyrerinnen (+ um 304)*

Veianen-SA 10:15 Mass

**Dënsdeg, 22.10.2024** **Heiliger Johannes Paul II.,** *Papst (+ 2005)*

Veianen-SB 10:45 Mass fir Marie-Madeleine Weyrich

**Mëttwoch, 23.10.2024** **Heiliger Johannes von Capestrano,** *Ordenspriester, Wanderprediger (+ 1456)*

Housen 10:00 Mass *(Kapell)*

Bëttel 19:00 Mass fir Abbé Jos Sauber

**Donneschdeg, 24.10.2024** **Heiliger Antonius Maria Claret**, *Bischof von Santiago in Kuba, Ordensgründer (+ 1840)*

Longsdrëf 18:30 Mass

**Freideg, 25.10.2024**

Housen 19:00 Rousekranz *(Kapell)*

## 30. Sonndeg am Joreskrees B

*1. Lies.: Jer 31, 7-9; 2. Lies.: Hebr 5, 1-6; Ev.: Mk 10, 46-52*

***« Wat soll Iech fir dech maachen? » (Mk 10,51)***

Mat der Fro fuerdert de Jesus de Glawen an d'Vertrauen vum Bartimeus eraus a respektéiert zugläich säi Wëllen. De Bartimäus vertraut dem Jesus seng Nout un a freet hien ëm Hëllef. Wat äntwerte mir, wann de Jesus äis dës Fro stellt ? Vertraue mir him eis Nout un ? Gleewe mir, datt hien äis hëllefe kann ? Kann de Jesus och zu äis soen : Géi, däi Glaf huet dech gerett ? A si mir dann och prett, dem Jesus op sengem Wee nozegoen? Loosse mir äis e Beispill um Bartimäus sengem Gebiet, sengem Glawen a senger Bereetschaft, dem Jesus nozegoen, huelen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 26.10.2024** | | |
| Veianen-TK | 16:30 | **Daf** vum Guiliano Fernandes Micucci |
| Baastenduerf | 18:00 | **Familljemass** |
| **Sonndeg, 27.10.2024** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass fir d'Famill Groen-Lipperts,<br>Mass als Stg. fir Marie Thill |
| Houschent | 09:15 | Mass fir Josy Schroeder<br>a fir Thérèse a Nikela Schroeder-Dimmer |
| Housen | 10:30 | Mass als 2. Joermass<br>fir Catherine Oberlinkels-Majerus |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |

## *Allerhelljen an Allerséilen 2024 – Ausbléck*

*op de Programm vun de Massen a Griewerseenunge*

| | | |
|---|---|---|
| **Freiden, 01.11.2024** | | **Allerhellgen – Toussaint** |
| Bëttel | 09:00 | Mass, *uschléissend Griewerseenung* |
| Houschent | 09:30 | Mass, *uschléissend Griewerseenung* |
| Veianen | 10.30 | Mass |
| Houschter-Déckt | 11:00 | *Griewerseenung* |
| Konstem | 15:00 | Mass, *uschléissend Griewerseenung* |
| Stolzebuerg | 15:00 | Mass, *uschléissend Griewerseenung* |
| Holztem | 16:30 | *Griewerseenung* |
| Bivels | 16:45 | *Griewerseenung* |
| **Samschdeg, 02.11.2024** | | **Allerséilen**<br>**Commémoration des fidèles défunts** |
| Branebuerg | 10:00 | Mass, *uschléissend Griewerseenung* |
| Housen | 10:00 | Mass,<br>*uschléissend Griewerseenung um Kierfecht* |
| Boukelz | 11:15 | *Griewerseenung* |
| Housen | 11:30 | *Griewerseenung um Bëschkierfecht* |

| | | |
|---|---|---|
| Laaschent | 11:45 | *Griewerseenung* |
| Veianen-TK | 17:00 | Missa em Português |
| **Sonndeg, 03.11.2024** | | |
| Furen | 09:00 | Mass, *uschléissend Griewerseenung* |
| Wuelessen | 09.30 | Mass, *uschléissend Griewerseenung* |
| Mierschent | 10:30 | Mass, *uschléissend Griewerseenung* |
| Näidsen | 10:30 | Mass, *uschléissend Griewerseenung* |
| Grooljen | 12:00 | *Griewerseenung* |
| Nuechtmannescht | 11:40 | *Griewerseenung* |
| Weller | 12:00 | *Griewerseenung* |
| Baastenduerf | 15:00 | Mass, *uschléissend Griewerseenung* |
| Roudersen | 15:00 | Mass, *uschléissend Griewerseenung* |
| Eesbech | 16:30 | *Griewerseenung* |
| Tandel | | *De Kierfecht gëtt no der Kiermesmass Mëtt November geseent* |

Malte Hagen Olbertz



Ich erinnere mich an eine Szene im Bus. Eine ältere Dame beschwert sich lautstark über zwei Kinder, die weder ruhig noch still auf ihren Plätzen sitzen können (oder wollen). Murmelt mein Banknachbar leise: „Manche Kuh vergisst, dass auch sie mal ein Kälbchen war." Kein netter Kommentar, doch einer, der eine wichtige Frage beinhaltet: Welchen Maßstab möchten wir anlegen in Kirche und Gemeinde, in Gesellschaft und Staat? Den Erwachsenen-Maß–stab natürlich, denn er basiert auf Vernunft und ist durch Erfahrung gereift. Doch Jesus kommt zu einem anderen Ergebnis: Er stellt ein Kind in die Mitte der Jünger, die sich gerade mit Erwachsenenkram („Wer ist der Größte?") beschäftigt haben.

## Kontakt: parc-our@cathol.lu

**Jeannot Gillen** – *Dechen a Moderator*
***Dechenshaus – Presbytère***
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
83 41 13 / 621 14 72 25
jeannot.gillen@cathol.lu

**Carlos Romário Arnold** – *Paschtouer*
18, Kräizgaass – L-9807 Hosingen
92 13 45 / 621 83 54 69
carnold2@freenet.de

**Jürgen Kusch** – *Diakon*
621 19 98 22
juergen.kusch@cathol.lu

**Diego De LIma** – *Diakon*
661 26 20 62
diego.delima@cathol.lu

Homepage:
***https://cathol.lu/parc-our***

***Parbüro Veianen –***
***Bureau paroissial à Vianden***
**Mandy Hofmann** – *Parsekretärin*
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
83 41 13
parc-our@cathol.lu

| | |
|---|---|
| *Dënsdes / mardi :* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| *Mëttwoch / mercredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *16.00 / 18.00 Auer* |
| *Freides / vendredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *14.00 / 16.00 Auer* |



*Foto. Michael Tillmann*

In den drei kleinen Marienfesten (Mariä Geburt, 8. September; Mariä Namen, 12. September; Mariä Schmerzen, 15. September) verdichtet sich das ganze Leben der Gottesmutter. Vom Beginn bis zum Ende ein Leben für Gott und durch Gottes Gnade. Lebensgeschichte und zugleich Gottesgeschichte und Heilsgeschichte. Und dabei ist Maria eine von uns, die uns vorgelebt hat, wie wir durch und für Gott leben können.



*Fotos: Michael Tillmann*



## Tag der Schöpfung

Lass jubeln alle Bäume des Waldes – so lautet das Motto des Ökumenischen Tages der Schöpfung am 6. September 2024. Das Motto lehnt sich an Psalm 96 an, in dem es im Vers 12 heißt: „Es jauchze die Flur und was auf ihr wächst. Jubeln sollen alle Bäume des Waldes."

In einem Wald mit den Bäumen zu jubeln über die Schönheit der Schöpfung – das fällt mir leicht. Der Wald: ein Sehnsuchtsort vieler Menschen; Ort der Erholung, der Ruhe, auch ein Ort, der Schöpfung in reicher Tier- und Pflanzenwelt zu begegnen. Doch allzu oft bleibt einem das Lob im Halse stecken. Die letzten Dürrejahre haben durch Trockenheit, Schädlingsbefall und Stürme den Wäldern schlimm zugesetzt; manchmal sehen sie aus wie nach einem Bombenangriff. Das Ökosystem Wald ist einer der größten und wichtigsten Faktoren für die Schöpfungsbewahrung. Wälder sind vielfältig und bieten Lebensraum für eine Menge verschiedener Arten, sie spielen eine entscheidende Rolle in der Sauerstoffproduktion und sind eine der wichtigsten natürlichen Kohlenstoffsenken.

Lass jubeln die Bäume: eine Bitte an Gott und zugleich Aufforderung an den Menschen, Wälder zu schützen und wieder aufzuforsten.

# Der Schöpfungstag am 28. September 2024
# „Biodiversität – Heilige Vielfalt!"




## Was – Wann – Wo

**Sa, 21.09.2024 / 14.30–16.30 Uhr**

Bibelgespräch zum Thema: „Biodiversité – don de Dieu" Organisation: Bibelgruppe „Les femmes dans la Bible". Anmeldung bei: Anastasia Bernet, abernet@pt.lu

**Sa, 28.09.2024 / 10.00–12.30 Uhr**

meditative Wanderung auf dem Naturlehrpfad Mensch & Stein, Beaufort.
Organisation: ACFL (Infos, s. unten).

**So, 29.09.2024 / 18.30 Uhr**

Franziskusmesse in der Kirche St. Pius X, Lux.-Belair.
Organisation: Maison d'Accueil der Franziskanerinnen, Lux.-Belair.

Seit 2001 wird der „Tag der Schöpfung" bzw. eine „Zeit der Schöpfung" begangen. Die ACFL bietet seit nunmehr 11 Jahren „ihren" Schöpfungstag am letzten Samstag im September als meditativen Rundgang an.

Dieser Tag reiht sich ein in weitere Veranstaltungen zur „SchöpfungsZeit" des Rates der christlichen Kirchen in Luxemburg vom 1. September bis 4. Oktober 2024, die unter dem Thema **„Biodiversität – Heilige Vielfalt!"** steht.

**Die ACFL bietet am Samstag, 28.09. eine meditative Wanderung zum Thema „Biodiversität – Heilige Vielfalt!" an.** Gebete, Meditation und Gesang – aber auch geschichtliche Hintergründe zum Luxemburger Sandsteinabbau – werden uns auf dem Naturlehrpfad Mensch & Stein begleiten um Gottes Schöpfung bewusster wahr zu nehmen, zu loben und zu preisen. Der Weg führt über eine ehemalige Bahnstrecke in die Steinbrüche von Beaufort und Reisdorf. Imposante Bäume und eine Vielfalt an Pflanzen säumen den Weg, der ausreichend breit und überwiegend gut begehbar ist und keine größeren Neigungen aufweist (max. 8%).



**Treffen: um 9.45 Uhr auf dem Parkplatz der Jugendherberge** (Youth Hostel Beaufort, 5, route de Dillingen, L-6315 Beaufort).

Die Wegstrecke ist ca. 5 km lang. Schwierigkeitsgrad: leicht bis mittel, dennoch sollten Wanderschuhe getragen werden. Dauer der Wanderung: ca. 2 Stunden.

Anschließend werden diejenigen, die möchten, gemeinsam zu Mittag essen. Bitte wegen der Reservierung bis zum 23. September anmelden, telefonisch unter 44 74 33 45 (bitte auch auf AB sprechen) oder per Email tausch@acfl.lu

Wir bieten auch eine **Mitfahrgelegenheit ab der Zentrale** an (Abfahrt um 8.45 Uhr). Wer dies nutzen möchte, bitte bei der Anmeldung Bescheid geben.

Ich würde mich sehr freuen, Sie/euch wieder zahlreich begrüßen zu dürfen!

*Annette Tausch*

Centre de Formation Diocésain
JEAN XXIII

## Schnuppernomëtteg fir éierenamtlech an interesséiert Leit an der Katechees

**Sonndeg, 13. Oktober 2024**
**vu 14.30 - 17.30 Auer**

# KATECHEES
## ...deelen, entdecken, wuessen...

## Rencontre pour bénévoles et personnes intéressées en catéchèse

**Dimanche 13 octobre 2024**
**de 14h30 à 17h30**

# CATÉCHÈSE
## ... partager, découvrir, grandir ...

**UERT/LIEU**
Centre Jean XXIII
52, rue Jules Wilhelm
L-2728 Luxembourg

**UMELDUNG/ INSCRIPTIONS**
**www.cfd.lu**

**INFO**
administration.cfd@cathol.lu

**ORGANISATIOUN/ ORGANISATION**
Centre de formation diocésain Jean XXIII

**DATUM/DATE**
**13.10.2024**
14h30 - 17h30

**KANNERBETREIUNG/ PRISE EN CHARGE DES ENFANTS**



Fir Kannerbetreiung ass gesuergt.
La prise en charge des enfants est assurée.

**Interesséiert oder engagéiert? Loscht op méi?**


- Glawen *deelen*
- Nei Methoden a Weeër *entdecken*
- Am Glawe *wuessen*

**Häerzlech wëllkomm!**

**Intéressé(e) ou engagé(e) ? Envie de plus ?**

- *Partager* la foi
- *Découvrir* de nouvelles méthodes et chemins catéchétique
- *Grandir* dans la foi

**Bienvenue !**



# FAMILLJEMASSEN

**21.September 2024**
(Baastenduerf: 10.30 Auer)

**26. Oktober 2024**
(Baastenduerf: 18.00 Auer)

**10. November 2024**
(Martinsfeier – Housen: 18:00 Auer)

**22. Dezember 2024**
(Kréppespill – Housen: 16:00 Auer)

**24. Dezember 2024**
(BA: 16:00 Auer, HO: 18:00 Auer)

**1. Februar 2025**
(Baastenduerf: 18.00 Auer)

**5. Mäerz 2025**
(Baastenduerf: 18.00 Auer)

**17. Abréll 2025**
(Baastenduerf: 18.00 Auer)

**18. Abréll 2025**
(Baastenduerf: 18:00 Auer)

**19. Abréll 2025**
(Baastenduerf: 19.00 Auer)

**10. Mee 2025**
(Baastenduerf: 18.00 Auer)

**07. Juni 2025**
(Baastenduerf: 10:30 Auer)

**06. Juli 2025**
(Housen: 10:30 Auer)

**KANNERWUERTGOTTESDÉNGSCHT**
**ALL Sonnden**
Housen: **10:30 Auer**
(ausser d'Grouss Vakanz)